N°227
Entrée le 24.01.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 25.01.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23/01/2024

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister & de Minister fir Aussenugeleeënheeten weiderzeleeden.

Am Dezember 2022 hate mir bei der deemoleger Regierung intervenéiert, nodeems Recherchen an engem Artikel op *Reporter.lu* erginn haten, dass *Russia Today* weider an Asien an Afrika gesent gëtt.

Et ass eis zougedroe ginn, dass Russia Today iwwert d'Lëtzebuerger Satellitefirma SES nach ëmmer iwwerdroe gëtt, zum Beispill an Indien.

Deemools sot de Premier- a Medieminister ewéi den Ausseminister:

> *"Zu kengem Ament gouf et en Zweifel um Wëllen vun der SES Sanktiounen ëmzesetzen. Den ablécklechen Dialog mat der EU-Kommissioun soll hëllefen ze klären wéi d'EU-Sanktiounen an dëse spezifesche Fäll vun EU-Satellittebedreiwer sollen an enger koherenter an effikasser Aart a Weis ëmgesat gi. De Message, dass d'SES d'Sanktiounen wëllt a muss ëmsetzen ass kloer un déi Entitéiten, déi des Sender kennen ofschalten, kommunizéiert ginn. Och an dësem Kader sinn d'Regierung, d'SES an d'EU-Kommissioun am Kontakt, fir eng juristesch a politesch korrekt Léisung fir d'Ëmsetzen vun den Sanktiounen ze fannen." (QP n°7364)*

Eng Nott vun der Cellule scientifique vun der Chamber huet nach eemol ënnerstrach, dass Sanktioune géint Propaganda-Sendere rechtens sinn.

An deem Zesummenhang wéilte mir de Ministeren dës Froe stellen:

1. Sent d'SES iwwert hir Clienten nach ëmmer indirekt Russia Today Senderen?
2. Wat ass am Dialog mat der EU-Kommissioun heizou festgehale ginn? Wéi soll d'SES d'Sanktiounen an dësem Fall ëmsetzen?
3. Wéi hunn déi betraffe Senderen/Clienten op d'Opfuerderung zum Ofschalte reagéiert?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

GOERGEN Marc
Deputéierten

N°227
Entrée le 26.02.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Äntwert vum Här Premierminister Luc FRIEDEN a vum Här Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel Xavier BETTEL op d'parlamentaresch Fro n° 227 vum 23. Januar 2024 vun den honorabelen Deputéierte Sven CLEMENT a Marc GOERGEN.

Ad 1)

Iwwert d'Kapazitéite vun der SES gi keng sanktionéiert Sender iwwerdroen, mat Ausnam vun der Kapazitéit déi d'SES mam indesche Staat kontraktéiert huet, déi sengersäits engem indesche Plattform Bedreiwer zur Verfügung gestallt gëtt, an den als eenzegen ëmmer nach de Sender RT News iwwerdréit.

D'SES huet hei keng Relatioun mat RT, an huet och keng technesch oder legal Méiglechkeeten de Sender ofzeschalten. De Platform Bedreiwer mécht den Uplink, op den d'SES keen Zougréff huet, an den indesche Staat erlaabt weiderhin de Sender an Indien ze verbreeden.

Ad 2)

Et sinn aktuell Diskussiounen amgaang iwwer verschidden Optiounen, wéi dëse spezifesche Fall kéint geléist ginn.

Ad 3)

An alle Länner – ausser an Indien - gouf trotz Resistenz vu verschiddenen Acteuren eng Léisung fonnt. Ausserhalb vun der EU hunn déi concernéiert Acteuren awer net ëmmer akzeptéiert dass europäesch Sanktiounen an net-EU Länner en Impakt sollen hunn. Sender a Client'en orientéieren sech un hiren nationale Reegelen.

Lëtzebuerg, den 26.Februar 2024.

De Premierminister,

(s.) Luc FRIEDEN